N°3638
Entrée le 12.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 3638 vum 11. Februar 2026 vun der éierbaren Deputéierte Diane Adehm iwwer d' « Nomination d'un nouveau directeur de la Spuerkeess »**

1. **Wou ass de Prozedur fir Nominatioun fir eng nei Generaldirektioun drun ?**

D'Prozedur fir d'Nomination vun engem neie Generaldirekter ass am gaangen.

2. **Wien leed a koordinéiert dëse Prozess? De Verwaltungsrot eleng oder an Zesummenaarbecht mat engem spezialiséierten externe Bureau ?**

Et handelt sech ëm ee strukturéierte Prozess, deen de Verwaltungsrot an d'Weeër geleet huet am Respekt vun der Prozedur wéi se am Gesetz vun 1989 iwwer d'Spuerkeess virgesinn ass.

3. **Ass am Kader vun dësem Transformatiounsprozess virgesinn, de Comité de direction z'erweideren? Wa jo, op wéi vill Memberen, a wéi solle Responsabilitéiten a Kompetenzen am Comité de direction verdeelt ginn? Wa nee, firwat net?**

D'Unzuel vun de Mëmbere vum Direktiounskomittee ass am Gesetz iwwert d'Spuerkeess festgeluecht.

4. **Wéini soll d'Nominatiounsprozedur ofgeschloss ginn a wéini ass mat enger offizieller Kommunikatioun ze rechnen?**

D'Nominatiounsprozedur ass ofgeschloss sou bal déi zoustänneg europäesch Autoritéiten sech prononcéiert hunn an d'Regierung eng Nominatioun approuvéiert huet.

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth